

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. September 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Wéi een de 26. August 2020 am *Tageblatt* liese konnt, soll geplangt sinn, d'Schlass Weimerech, 1899 vum Virgil Burg gebaut, an Zukunft als Fliedermaushotel ze notzen. Zesumme mat de Felder ronderëm, gouf dëse Bau 2006 vun der Gemeng Jonglënster opkaf an 2017 un d'Administration de la nature et des forêts fir de symboleschen Euro op eng Lafzäit vun 30 Joer verlount. All déi Jore gouf sech net ëm den Zoustand vun deem Gebai gekëmmert, an d'Pläng fir d'Aart vun der zukünfteger Notzung sinn ëmstridden. Sou héiert een och de Wonsch, datt dëst Gebai renovéiert, valoriséiert an ënner Denkmalschutz gestallt soll ginn.

An dësem Kontext wéilt ech der Madamm Kulturminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi beurteelt de Service des sites et monuments nationaux (SSMN) dëse Fall? Huet d'Schlass Weimerech e kulturellen an/oder historiesche Wäert fir Lëtzebuerg? Wéi begrënnt den SSMN seng Beurteilung?
2. Gesäit den SSMN d'Méiglechkeet, datt d'Schlass Weimerech ënner Denkmalschutz gestallt gi kann? Wéi begrënnt den SSMN dës Beurteilung?
3. Wat wier nom SSMN eng adequat Restauréierung a wat wier d'Enveloppe budgétaire, déi do misst virgesi ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten